LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre aux Relations avec le Parlement

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés

Luxembourg

Personne en charge du dossier:
Jean-Luc Schleich
☎ 247 - 82954

Luxembourg, le 23 décembre 2022

SCL: PET 2362 – 2203 / sp-jls

Objet : Pétition n° 2362 – Fir de Majorzsystem bei de Gemengewalen bei Gemengen bis zu 15.000 Awunner. Pour le système à la majorité relative aux élections communales dans les communes jusqu'à 15 000 habitants.

Monsieur le Président,

Comme suite à la demande afférente de la Commission des Pétitions du 26 octobre 2022, j'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la prise de position de Madame la Ministre de l'Intérieur à l'égard de la pétition n° 2362 relative à l'objet sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma haute considération.

Le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Marc Hansen

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82952
Fax (+352) 247-8299

scl@scl.etat.lu
www.legilux.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

Stellungnam vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, zur Petitioun n°2362 zum Sujet "Fir de Majorzsystem bei de Gemengewalen bei Gemengen bis zu 15.000 Awunner."

De Petitionär freet a senger Petitioun, d'Grenz vun der Awunnerzuel, bei där eng Gemeng aus dem Majorzsystem an de Proporzsystem wiesselt, vun 3.000 op 15.000 Awunner eropzesetzen. Hien argumentéiert dës Fuerderung mat 2 Argumenter, op déi ech a menger Stellungnam agoen wëll.

Dem Petitionär säin éischt Argument beseet, datt d'Bierger sech an de klenge bis mëttelgrousse Gemengen éischter mat eenzelne Leit identifizéieren, wéi mat Parteien oder Gruppéierungen.

De lëtzebuerger Walsystem erlaabt duerch de "Panachage" duerchaus, datt d'Bierger och am Proporzsystem déi Persoune wielen, mat deenen si sech perséinlech am meeschten identifizéieren, ganz onofhängeg vun der Partei oder Gruppéierung, zu där dës Kandidate gehéieren.

Dem Petitionär säin zweet Argument beseet, datt de Proporzsystem eenzelne Persounen, déi sech fir Gemengepolitik intresséieren a sech awer net parteipolitesch banne wëllen, net erlaabt fir sech als Eenzelkandidat opzesetzen.

Och wann et à priori net verbueden ass, sech am Proporzsystem als Eenzelkandidat (op enger Lëscht mat just engem Kandidat) fir d'Walen opzestellen, esou ass et richteg, datt et an der Praxis quasi onméiglech ass fir ënnert deene Konditioune gewielt ze ginn.

Allerdéngs ass et am Proporzsystem duerchaus méiglech, an dat gëtt och virun allem a Gemengen tëschent 3.000 a 5.000 Awunner gemaach, datt sech Kandidate mat änlechen Iddien an enger Gruppéierung zesummendinn an eng gemeinsam Lëscht fir d'Wale presentéieren. Op esou Lëschte regroupéieren sech souwuel Persounen, déi an der nämmlechter Partei sinn, wéi och Persounen, déi a kenger Partei sinn, oder souguer a verschiddene Parteie sinn.

Par rapport zu enger Eenzelkandidatur huet eng gemeinsam Lëscht de Virdeel, datt sech déi Persoune schonn am Virfeld op gemeinsam Iddie fir hir Gemeng verstännege kënnen an dës och de Bierger virun der Wal kommunizéieren. Sou weess de Bierger, wat hien sech genau erwaarde kann, wann hien dëse Persoune seng Stëmm gëtt. Ëmgedréint weess de Kandidat, datt hien, wa seng Gruppéierung eng Majoritéit fënnt, seng Iddien och tatsächlech realiséiere kann. Dëst ass am Majorzsystem net onbedéngt de Fall.

Dann ass et och haut a ville Majorzgemenge schonn esou, datt sech d'Kandidaten an "Ekippen" zesummendinn, och wann si guer net als gemeinsam Lëscht gewielt kënne ginn. Do huet de Proporzsystem dann de Virdeel, datt um Walziedel och erëmgespigelt gëtt, wéi sech d'Leit herno wahrscheinlech wäerten zesummefannen, fir eng Majoritéit am Gemengerot ze bilden.

Schlussendlech ass unzemierken, datt déi proposéiert Limitt vu 15.000 Awunner bedeite géif, datt zu Lëtzebuerg just nach a 7 Gemengen (Déifferdeng, Diddeleng, Esch-Uelzecht, Hesper, Lëtzebuerg, Péiteng,

Suessem) nom Proporzsystem gewielt géif ginn. Kuckt een sech awer d'Praxis un, sou stellt ee fest, datt a ganz ville Gemengen, déi haut nom Proporzsystem wielen, dëse gutt etabléiert ass.

Lëtzebuerg, de 22/12/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding

PETITION 2362

Intitulé de la pétition:

Fir de Majorzsystem bei de Gemengewalen bei Gemengen bis zu 15.000 Awunner.

Pour le système à la majorité relative aux élections communales dans les communes jusqu'à 15 000 habitants.

But de la pétition:

Stäerkung vum Majorzsystem bei de Gemengewalen duerch d'Eropsetze vun der Zuel vun den Awunner bei der Berechnung vum Majorz- respektiv vum Proporzsystem vun 3.000 op 15.000.

Renforcement du système à la majorité relative aux élections communales, en portant le nombre d'habitants dans le calcul pour passer du système à la majorité relative au système de la représentation proportionnelle de 3 000 à 15 000.

Motivation de l'intérêt général de la pétition:

Dat ofgeännert Walgesetz vum 18. Februar 2003 schreift vir, datt an de Gemenge mat manner wéi 3.000 Awunner nom Majorzsystem (eenzel Kandidaten) a mat enger Awunnerzuel vun 3.000 a méi nom Proporzsystem (Lëschte mat Kandidaten) gestëmmt gëtt.

Duerch d'Wuesse vun den Awunnerzuelen an och duerch e puer Gemengefusiounen sinn an de leschte Joren eng Rei vu Gemengen an de Proporzsystem era gerutscht, sou datt fir d'Walen d'nächst Joer déi éischte Kéier méi Gemengen am Proporz- wéi am Majorzsystem wäerte sinn.

An de klenge bis mëttelgrousse Gemengen identifizéiert sech de Bierger éischter mat eenzele Leit wéi mat Parteien oder Gruppéierungen. Doriwwer eraus verhënnert de Proporzsystem och um praktesche Plang, datt eenzel Leit, déi sech duerchaus fir d'Gemengepolitik interesséieren, awer sech net parteipolitesch banne wëllen, iwwerhaapt nach eng Chance hunn, fir sech als Eenzelkandidat opzesetzen.

La loi électorale modifiée du 18 février 2003 stipule que dans les communes de moins de 3 000 habitants le vote se fait au scrutin à la majorité relative (candidats individuels) et de 3 000 habitants et plus au scrutin proportionnel (listes de candidats).

En raison de l'augmentation de la population et également en raison de certaines fusions communales, un nombre plus élevé de communes sont entrées dans le système de la représentation proportionnelle ces dernières années, de sorte qu'il y aura, pour les élections de l'année prochaine, pour la première fois, plus de communes en système de la représentation proportionnelle qu'en système à la majorité relative.

Dans les petites et moyennes communes, le citoyen s'identifie à des candidats individuels plutôt qu'à des partis ou à des groupes. De plus, le système de la représentation proportionnelle empêche également, sur le plan pratique, que des personnes qui s'intéressent pourtant à la politique communale, mais qui n'ont aucun intérêt pour s'impliquer dans un parti, aient la chance de se présenter comme candidats individuels.

Dépôt: le 11.06.2022 à 17:23